



Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 5605 vum 28. Januar 2022 vun den éierwäerten Deputéierten Här Max Hahn a Madamm Carole Hartmann iwwert "Mesures de protection contre les inondations"

Wéi vill Demandë sinn bis ewell am Ministère erakomm?

Zënter Mëtt Juli 2021 sinn 48 Demanden erakomm, dovun 24 vu Gemengen a 24 vu Privatleit / Promoteuren.

Wéi vill Demandë si schonn traitéiert ginn? Wéi vill Demandë stinn nach op?

Vun den 48 Demanden déi eragerecht goufen, sinn der 15 traitéiert ginn an 33 stinn der nach op well d'Planung mat de Gemenge, respektiv de Privatleit um Terrain nach leeft. (Stand: 15. Februar 2022). Vun deenen 33 Demanden déi nach opstinn, goufen der 26 nom 18. November 2021 eragerecht.

Wéi vill Subventiounen si schonn ausbezuelst ginn? Wéi ee Montant ass an deem Kader ausbezuelst ginn?

Zënter Mëtt Juli 2021 goufe Subsiden an Héicht vun engem Gesamtmontant vun 6.048.307 € engagéiert; 1 Paiement an Héicht vun 32.202,63 € gouf zënterhier ausbezuelst.

Fir wéi eng Mesurë ginn Subventiounen ugefrot?

Et si Subsiden ugefrot ginn vu Gemengen fir Héichwaasser- a Starkreenschutzkonzepter auszeschaffen, souwéi och fir lokal Schutzmoosnamen oder de Renforcement vun bestoende Moosnamen. Vu Privatleit si Subsiden ugefrot ginn fir individuell Schutzmoosnamen, ënnert anerem amovibel Mauersystemer, dicht Fënsteren, Dieren a Garagendieren.

Kann d'Madamm Ministesch confirméieren, dass déi jeeweileg Mesuren eréischt ëmgesat kënnen ginn, wann d'Demande fir eng Subventioun accordéiert ginn ass, an een am anere Fall net méi eligibel fir eng Subventioun ass?

Dat kann confirméiert ginn an ass nozeliesen am Waassergesetz am Artikel 66 Paragraph 2) dee beseet, dass eng "approbation préalable" vum Minister gebraucht gëtt fir des Projeten. Dat ass awer fir all Ausgaben vun dem FGE säit senger Grënnung am Joer 1999 de Fall.

Wann deem sou ass, ass d'Madamm Ministesch net der Meenung, dass d'Mesuren zum Schutz virun Héichwaasser esou séier wéi méiglech misste kënnen réaliséiert ginn?

D'Demanden ginn esou séier wéi méiglech ofgeschafft. D'Zil ass et awer och, dass déi subventionéiert Installatiounen wierklech sënnvoll sinn.

Lëtzebuerg, den 4. März 2022
(s.) Carole Dieschbourg
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung